# Dem Schüler säi Guide

Wéi s du dech behuele muss, fir déi aner ze beandrocken a positiv opzefalen:

## Däi Behuelen:

- Net am Gank lafen an och net mam Ball spillen.
- Versich am Schoulgebai net onnëtz Kaméidi ze man.
- **Engem Erwuessene soen, dass engem anere wéi gedoe gëtt, ass net klapen!**
- Fluchen a vulgär Wierder sinn NET „cool".
- Wann s du am Feeler bass entschëlleg dech fein an direkt.
- Wann s du en Handy oder aner elektronesch Apparaten dobäi hues, mussen dës vun 7.50 bis 12.20 an vun 14.00 bis 16.10 aus an am Schoulsak sinn!
- Respektéier deenen aneren hir Saachen a wann s du eppes hëlls, vergiess net ze froen ... **net froen ass geklaut!**
- **Behandel déi aner sou, wéi s du vun hinne behandelt wëlls ginn.**
- Wäertsaachen a Bijouen looss doheem!

## Wann s du mat anere schwätz:

- Versich mat jidderengem frëndlech ze sinn.
- Kuck déi Persoun, mat där s du schwätz an d'An.
- Vergiess net „wann ech gelift", „merci", „moien" an „äddi" ze soen.
- **Folleg all Erwuessenen, deen an der Schoul schafft an net nëmmen denger Joffer oder dengem Schoulmeeschter.**

## An denger Klass:

- Komm mat Zäit.
- Waart roueg op denger Plaz bis jidderee sëtzt.
- Wann s du eppes soe wëlls, weis däi Fanger a waart bis du geruff gëss
- Lauschter no!
- Raum schon deng Schachtel, éiers du an d'Schoul kënns.

## An der Paus an am Schoulhaff:

- Wann et schellt, géi roueg eraus an den Haff a komm och genau esou eran.
- Iwwerlee, éiers du an den Haff gees ob s du muss op d'Toilett goen, géi dann duerno direkt aus dem Schoulgebai a spill net nach um Gank.
- **Engem Erwuessene soen, dass engem anere wéi gedoe gëtt, ass net klapen!**
- **Gehei däi Knascht net op de Buedem mee an d'Dreckskëscht.**
- Während der Schoulzait vu 7.50 Auer bis 16.10 Auer däerfs du net mat Velo, Kickboard, Skateboard, Rollerblades, ... am Schoulhaff fueren!

## Am Bus:

- Wann et schellt gees du op de Busarrêt, wou däi Busbegleeder op dech waart.
- Wann s du e Ball matbréngs, denk drun, deen an eng Tut ze man.
- **Och am Bus solls du kee Kaméidi man a kengem wéi doen!!!**
- Wann s du mam Bus fiers, däerfs du kee Kickboard, Skateboard, ... matbréngen.
- Soubaals du op denger Plaz sëtz, stréck dech un.
- Folleg de Busbegleeder an dem Buschauffeur!!!